ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

n° 3230

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Ar.t 84 vum Chambersreglement) un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et héiert een, datt BTS-Klassen am ongewësse sinn, wat d'Corona-Moossnamen ugeet. Et gëtt anscheinend Lycéeën, déi sech fir d'Sécherheetsmoossnamen an d'Organisatioun vun de BTS-Klassen net zoustänneg spieren. Déi BTS-Klasse ginn op Impuls vun der Wirtschaft, an Zesummenaarbecht mam Héichschoulministère a Lycéeë vum Sekundarunterrécht organiséiert. Duerfir wëll ech dem Här Schoulminister dës Fro stellen:

1. Ass de Lycée, an deem eng BTS-Klass um Programm steet, responsabel fir d'Organisatioun vun dëser Klass a fir d'Ëmsetze vun de Sécherheetsmoossnamen, déi am Fall vun engem sanitären Noutfall vun der Regierung decidéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3230 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

De Brevet de technicien supérieur (BTS) ass wuel en Héichschouldiplom, deen en "enseignement supérieur de type court" sanctionéiert, sou wéi et am Héichschoulgesetz virgesinn ass (*Loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur*).

Am Artikel 4 vun deem selwechte Gesetz gëtt awer och ausdrécklech preziséiert: *"Le brevet de technicien supérieur est préparé (...) dans les* ***lycées d'enseignement secondaire et les lycées d'enseignement secondaire technique****, publics ou privés reconnus par l'État (...)"*.

Et ass deemno schwéier virstellbar, datt Lycéeën – déi d'Initiativ huelen, fir eng Akkreditatiounsprozedur anzeleeden – sech "anscheinend" net solle fir d'Sécherheetsmoossnamen an esouguer fir d'Organisatioun vun de BTS-Klassen zoustänneg spieren, sou wéi den honorabelen Deputéierten et wëllt "héieren" hunn.

D'Sécherheetsmoossname bezéien sech op ganz Schoulgebaier an net selektiv op eenzel Klassen oder Formatiounen. Dat wëssen d'Lycéeën an deementspriechend setzen si déi sanitär Reegelen ëm. Sollt den honorabelen Deputéierte mir awer konkret Beispiller nenne kënnen, wou dat net geschitt, sinn ech gäre bereet meng Servicer ze chargéieren, där Saach op de Grond ze goen.